Syndicat National des Enseignants - www.sne.lu

BP 2437
L-1024 Luxembourg

tél +352 48 11 18
fax + 352 40 73 56

www./CGFP.lu
sne@education.lu

siège : 11-13 , rue des Ardennes
L - 1133 Luxembourg -Bonnevoie

11. 07. 2018

Pressekonferenz :

Presentatioun vum « Cahier des charges » vum SNE/CGFP

1- Begréissung :

Dir Dammen an dir Häre vun der Press, et freet mech, Iech alleguerten am Numm vum SNE/CGFP op dëser Pressekonferenz begréissen ze däerfen.

2- Introduktion :

Et besteet nach ëmmer groussen Diskussiouns- an Handlungsbedarf am Enseignement.

Dat huet den SNE/CGFP och am Kader vu senge Regionalversammlunge mat de Presidenten a Membere vun engem Schoulcomité feststelle kënnen.

Dës Regionalversammlungen, an deenen ëmmer een extrem konstruktiven Austausch tëschent all de Participantë stattfënnt, si vu grousser Wichtegkeet fir den SNE/CGFP.

Hei kënnt et nämlech zu enger detailléierter Bestandsopnam vun der aktueller Situatioun an onse Schoulen.

Kritiken um aktuelle Schoulsystem gi gesammelt an d'Erwaardunge vum Léierpersonal un d'Politik gi formuléiert.

Eng logesch Konsequenz vun de Regionalversammlungen ass d'Opstelle vun engem « Cahier des charges ».

Dëse « Cahier des charges » wëlle mir Iech haut presentéieren, ouni awer elo wëllen op de ganzen Detail an op all Punkten vum « Cahier des charges » anzegoen.

Dëst Joer kënnt onsem Fuerderungskatalog eng besonnesch Bedeitung zou, well en net nëmmen dem Unterrechtsminister, mee och deene jeeweilege politesche Parteien ënnerbreet gëtt.

Ze erwähnen ass och nach, dass den SNE/CGFP e Questionnaire ausgeschafft huet, deen am Virfeld vun de Legislativwahlen am Oktober 2018 als « Wahlprüfsteine » un all d'politesch Parteie geschéckt gouf a wou déi eenzel politesch Parteie Stellung zu bildungspolitesche Froen huele sollen.

Virun de Walen ass et enorm wichteg, d'Meenung an d'Positioun vun all de politesche Parteien zu ganz essentielle Froen a Problemer, déi den Enseignement betreffen, eranzehuelen.

Den SNE/CGFP waart op jidde Fall mat grousser Ongedold op déi jeeweileg Prise de Positiounen.

3- « Cahier des charges » :

3.1- Gewalt an der Schoul an den Encadrement vun de Kanner mat spezifesche Besoinen :

Dir kënnt Iech sécher virstellen, dass d'Gewalt an der Schoul an den Encadrement vun de Kanner mat spezifesche Besoinen zwee vun den Haaptsujeten an onsem « Cahier des charges » sinn.

D'Politik muss endlech d'Aen opmaachen an net bei dëse sensibelen Themen ewechkucken.

Situatioune vu Gewalt, Forme vu Mobbing, fir nëmmen déi ze nennen, si scho laang keng Randerscheinunge méi, déi sech op eenzel Schoule beschränken.

Neen, mir fannen dës Problematiken a bal all de Schoulen erëm an dat dacks an ëmmer méi extreme Formen.

D'Politik muss endlech bereet sinn, op d'Léierpersonal ze lauschteren, de Courage hu fir déi néideg Mesuren z'ergräifen, och wann déi e finanziellen Impakt hunn.

Et geet elo duer, d'Léierpersonal vis-à-vis vun dëse Problemer am Ree stoen ze loossen.

Hei elo d'Fuerderunge vum SNE/CGFP zu dëse Problematiken :

> A punkto I-EBS :

Den SNE/CGFP fuerdert, um Niveau vun de Schoulen, eng substantiell Erhéijung vun der Zuel vun den « Instituteurs spécialisés dans la scolarisation des enfants à besoins éducatifs particuliers et spécifiques » (I-EBS).

Mir brauchen ëmmer méi spezialiséiert Leit, well et ëmmer méi Kanner ginn, déi besonnesch Besoinen hunn.

Den SNE/CGFP ass der Opfaassung, dass den I-EBSen hiren Asaz méi séier, méi effikass a méi erfollegräich ass, wann den administrativen Opwand op e strikte Minimum reduzéiert gëtt.

Dofir revendiquéiert den SNE/CGFP, dass d'I-EBSen ouni grouss Formalitéite bei de Schüler intervenéiere kënnen.

Iwwerflësseg administrativ Barrièrë kompromettéieren de gudden Oflaf vun der « Prise en charge » vun dëse Schüler.

Esoulaang ewéi d'« Commission d'inclusion » (CI) net bei der « Prise en charge » vun dëse Kanner muss intervenéieren, ass den SNE/CGFP der Meenung, dass et net néideg ass, Formulairen oder aner Dokumenter zu der Prise en charge auszefëllen.

Fir den SNE/CGFP ass et och kloer, dass d'I-EBSen um Terrain mat de Kanner schaffen.

Mir kéinten op kee Fall domat averstane sinn, dass d'Zäit,wärend där si bei de Schüler präsent sinn, géif reduzéiert ginn.

> D’Schafe vu Präventiouns- an Interventiounsstrukturen an alle Schoulen :

Well d'Situatioun an eise Schoulen ëmmer méi komplex a méi schwiereg gëtt, verlaangt den SNE/CGFP, dass an all Schoul eng Ënnerstëtzungs- an Hëllefsstruktur geschaf gëtt, déi sech aus Spezialisten zesummesetzt (Educateuren, Infirmieren, Assistant-sociallen ...)

Dës Hëllefsstruktur soll virun allem bei der Betreiung vu Schüler mat Verhalensproblemer intervenéieren, bei der medezinescher Versuergung vu Schüler am Kader vum « Projet d'accueil individualisé » (PAI) esou wéi beim Ëmsetze vu Präventiounsmoossnamen.

Dës Hëllefstruktur géif an den Ae vum SNE/CGFP d'Bedingunge verbesseren, ënnert deenen d'Léierpersonal Schoul hält.

> Inklusioun vu Schüler mat spezifesche Besoinen :

Och wann den SNE/CGFP d'Iddi vun der Inklusioun net kategoresch verwerft, esou si mir awer der Meenung, dass et net ëmmer méiglech ass, dës an der Klass oder an der Schoul ze realiséieren.

Dofir ass et an den Ae vum SNE/CGFP néideg, dass spezialiséiert Zentren déi Schüler betreien, déi net méi kënnen an normale Klasse scolariséiert ginn.

> A punkto ESEB :

Am Moment fonctionnéieren d'« Equipes de soutien aux élèves à besoins particuliers et spécifiques » (ESEB) net esou wéi se sollen, well net genuch Mëttelen zur Verfügung stinn an d'Prozeduren net flexibel genuch sinn.

Dofir verlaangt den SNE/CGFP, dass d'ESEBe progressiv sollen opgestockt ginn.

D’ESEB muss an der Schoul präsent sinn an d’Leit aus der ESEB sollen och haaptsächlech mat de Schüler an de Klasse schaffen.

D'Prozedure solle vereinfacht gi fir d'« Prise en charge » vun de betraffene Schüler ze beschleunegen.

An deem Kontext erënnert den SNE/CGFP drun, dass am Artikel 27 vum modifizéierte Gesetz vum 6. Februar 2009, dat d'Organisatioun vun der Grondschoul betrëfft, stipuléiert gëtt, dass d'ESEBen d'Resultater vun hirer Aarbecht bannent véier Woche Schoulzäit musse virleeën, nodeems se sollicitéiert gi sinn.

> « Centres de compétences » a « Centres de prise en charge socio-éducative intense » :

Den SNE/CGFP fuerdert, dass Schüler, déi net méi an enger Schoul betreit kënne ginn, an e « Centre de compétences » oder e « Centre de prise en charge socio-éducative intense » orientéiert ginn.

Den SNE/CGFP besteet drop, dass d'« Centres de compétences » och iwwert ee méi oder manner laangen Zäitraum Kanner mat spezifesche Besoinen, mat Verhalensproblemer oder Kanner mat Léierschwieregkeeten, déi net méi an enger Klass oder enger Schoul kënnen encadréiert ginn, ophuelen.

Déi « Centres de compétences » sollen net nëmmen als Struktur konzipéiert sinn, wou d'Enseignantë sech ressourcéiere kënnen.

3.2- Stage :

Wéi de « Cahier des charges » ausgeschafft ginn ass, hat den SNE/CGFP zwou Haaptrevendicatiounen zum Stage :

- eng generaliséiert Reduktioun vum Stage vun de « Stagiaires-instituteurs » op zwee Joer
- an d'Ofschafe vun dem aktuelle Gehältersystem vun de Stagiairen (d'Stagiairë kréien déi éischt zwee Joer vum Stage 80 % vum Ufanksgehalt an 90 % wärend dem drëtte Joer Stage).

Duerch den Avenant zum Accord salarial, deen d'CGFP an d'Regierung de 15. Juni 2018 ënnerschriwwen hunn, sinn dësen 2 Fuerderunge schonn am Virfeld Rechnung gedroe ginn.

Trotzdeem ass den Dossier Stage fir den SNE/CGFP nach net clôturéiert.

Vu dass den aktuelle Stage vun de « Stagiaires-instituteurs » manifestement extrem belaaschtend ~~a~~ss, an dass en déi erwaarte Plus-value net mat sech bruecht huet, fuerdert den SNE/CGFP eng déifgräifend Reform vun de Contenuen an den Evaluatiounsprozedure vum Stage.

Den SNE/CGFP huet sech vun Ufank u fir e nëtzlechen a sënnvolle Stage ausgeschwat an agesat.

De Stage soll eng reell Hëllef an Ënnerstëtzung fir déi jonk Kollege sinn.

Et muss dofir onbedéngt zu engem Iwwerpréiwe vun der Pertinenz vun den Inhalter vum Stage kommen.

En « Double emploi » mat den Inhalter vun der initialer Formatioun muss à tout prix evitéiert ginn.

Den SNE/CGFP fuerdert e « Stage sur mesure » fir all Stagiairen, bei deem jidder Stagiaire sech déi Modullen eraussicht, déi hien noutwendeg fënnt, fir seng Basisausbildung ze perfektionéieren an ze vervollstännegen

Ausserdeem fuerdert den SNE/CGFP manner zertifikativ Momenter a méi eng Valorisatioun vun de formative Momenter an der Stagezäit.

De Stage soll eng Hëllef fir de Stagiaire si fir sech an d'Beruffsliewen eranzeschaffen a keng Kujenad.

3.3- Attraktivitéit vum Beruff :

Den SNE/CGFP stellt fest, dass d'Attraktivitéit vum Beruff vum Enseignant an de leschte Jore staark ofgeholl huet.

Parallel zu enger déifgräifender Reform vum Stage fir d'« Stagiaires-instituteurs » fuerdert den SNE/CGFP de MENJE op, dass:

1- d'Schoulhalen nees d'Haaptmissioun beim Enseignant sengen Aktivitéite gëtt;
2- d'administrativ Aufgabe fir d'Enseignanten op e strikte Minimum reduzéiert ginn;
3- déi lafend Reformen evaluéiert ginn am Hibléck op hir Plus-value fir d'Léierprozesser a fir d'Kanner.

Et kënnen nëmme genuch Enseignantë rekrutéiert ginn, wann déi responsabel Politiker et fäerdegbréngen, de Beruff vum Enseignant méi attraktiv ze maachen.

Fir den ëmmer méi komplexen Ufuerderunge vum Beruff vum Enseignant gerecht ze ginn, revendiquéiert den SNE/CGFP, dass mëttelfristeg Enseignantë mat engem Masterdiplom sollte rekrutéiert ginn.

3.4- Remplacement :

Den SNE/CGFP verlaangt, dass d'Zuel vun de Chargéen an der « Réserve des Suppléants » eropgesat gëtt.

Nëmmen esou kann an Zukunft all Absence och ersat ginn.

Wat d'Qualifikatioun vum Ersatzpersonal betrëfft, esou verlaangt den SNE/CGFP dass d'Attestatioun, déi een ermächtegt, an eng Grondschoul ersetzen ze goen, net bradéiert gëtt.

Den SNE/CGFP ass der Meenung, dass d'Kandidaten en adequaten Niveau am Däitschen an am Franséische mussen hunn, esouwuel am Mëndleche wéi am Schrëftlechen.

Et wär ubruecht, dass d'Kandidaten e Sproochentest maachen, ier se hire Stage als Ersatz ufänken.

Och sollten d'« Directeurs de région » eng Formatioun vun engem Dag organiséieren, fir de Kandidaten z'erklären, wéi d'Grondschoul fonctionnéiert a fir hinne Basisnotiounen zur ugewannte Pädagogik an de Grondschoulen ze vermëttelen (Preparatioun vun de Coursen, Evaluatioun, ...).

Dëst géif d'Presidente vun de Schoulcomitéen entlaaschten a virun allem d'« Patrons de stage », déi sech vun deem Moment un drop konzentréiere kéinten, déi praktesch Aspekter vum Beruff ze vermëttelen.

Den SNE/CGFP ass awer och nach ëmmer der Meenung, dass ee soll Ersatzpersonal op zwee Niveauen rekrutéieren:

1 -Surveillanten, déi fir eng kuerz Zäit ersetze ginn (Surveillance);
2- Ersatzpersonal, dat op laang Dauer ersetze geet.

Dës Weidere begreisst den SNE/CGFP, dass de MENJE eng vum SNE/CGFP senge Fuerderungen a punkto Remplacement elo wëllt erfëllen.

Elo soll all Enseignant, ob hien am Moment nëmmen habilitéiert ass fir am Cycle 1 oder an de Cyclen 2 bis 4 z'enseignéieren, d'Recht kréien, an all d'Cyclë vun der Grondschoul ersetzen ze goen.

Duerch dës Mesure kënne schoulintern sou munch Remplacementer ouni vill Opwand garantéiert ginn, well een net op externt Ersatzpersonal zréckgräife muss.

3.5- Contingent :

Vun 2009 un huet den SNE/CGFP déi negativ Auswierkunge vum Ëmsetze vum Contingent ëmmer ervirgehuewen.

Mir hunn net opgehalen de MENJE drop hinzeweisen, dass d'Berechne vum Contingent bei der Gestioun vun de Klasse problematesch ass, besonnesch a klenge Schoulen a Gemengen.

Den SNE/CGFP erënnert nach eemol drun, dass et der Schoul hir éischt Missioun ass, eng Grondausbildung vu gudder Qualitéit fir alleguer d'Schüler ze garantéieren.

Et ass also evident, dass d'Gemenge genuch Schoulstonnen attribuéiert kréien, fir d'Grondausbildung ze garantéieren.

Fir den SNE/CGFP däerfen dofir an der Moyenne net méi ewéi 15 Schüler an enger Klass sinn.

3.6- Méisproocheg Erzéiung an Aféierung an déi franséisch Sprooch :

Vu dass de politesche Wëlle besteet, fir am Cycle 1 eng Aféierung an déi franséisch Sprooch ëmzesetzen, leet den SNE/CGFP dem MENJE un d'Häerz, d'Kontinuitéit vum franséische Sproochenunterrecht wärend der ganzer Schoulzäit z'assuréieren (vum Cycle 1 bis de Cycle 4) an eng Kohärenz an den Inhalter an an de Programmen ze garantéieren.

Ausserdeem verlaangt den SNE/CGFP, dass d'Konzept vum Aféieren an déi franséisch Sprooch am Cycle 1 an am Cycle 2.1 evaluéiert, a falls néideg, adaptéiert oder iwwerduecht gëtt.

Nodeem d'Méisproochegkeet am Cycle 1 wärend dem Schouljoer 2017-2018 ageféiert ginn ass, ass virgesinn, fir d'Rentrée 2018-2019 e Franséischcours am Cycle 2.1 anzeféieren.

Vu dass dat neit Material provisoresch ass, verlaangt den SNE/CGFP, dass d'Remarquë vun den Enseignantë berücksichtegt ginn, fir, wann néideg, Ännerunge bei där definitiver Versioun ze maachen.

3.7- Iwwergang vun der Grondschoul an de Lycée :

Generell ass den SNE/CGFP skeptesch, wat den ëmmer méi groussen Afloss vun den Eltere bei den Decisiounen op alle Niveaue betrëfft, besonnesch bei der Orientéierung vun der Grondschoul an de Lycée.

Den SNE/CGFP ass effektiv der Meenung, dass d'Enseignanten als Leit vum Fach am kompetentste sinn, fir ze decidéieren, wat no der Grondschoul de beschte Choix fir d'Kand ass.

Vu dass mir als SNE/CGFP keng Reform vun der Prozedur vum Iwwergang vun der Grondschoul an de Lycée gefrot haten, verlaange mir dass déi nei Prozedur objektiv soll evaluéiert ginn, fir déi néideg Upassungen opgrond vun den Erfahrunge kënne virzehuelen.

Fir dass den Iwwergang tëschent deene verschiddene Schoulunterrechter méi fléissend gëtt, revendiquéiert den SNE/CGFP, dass d'Kohärenz tëschent de Programmer vum EF an deene vum ESC an dem ESG verbessert gëtt.

3.8- « Directions de région » :

Den SNE/CGFP warnt de MENJE, dass déi iwwerdriwwe Formalitéiten, plus déi ze vill strikt Reglementatioune riskéieren, déi eigentlech Missioun vum Enseignant, d'Schoulhalen, zolidd ze belaaschten.

Den SNE/CGFP ass der Meenung, dass all déi Beméiungen, fir den Defi, d'Schoul vu muer ze schafen, am Vertraue mat den Enseignantë soll stattfannen.

Dofir besteet den SNE/CGFP drop, dass d'Formalitéite fir déi administrativ Prozeduren op e strikte Minimum reduzéiert solle ginn, an dat am Sënn vun enger administrativer Vereinfachung.

Eventuell « Notes de service » sollen den administrative Prozess weder behënneren nach belaaschten, mee am Géigendeel den Austausch tëschent Fachleit vereinfachen a standardiséieren.

D'Objektiver vun esou Notte solle sinn, d'Enseignanten z'ënnerstëtzen.

D'Notte sollen d'Enseignantë guidéieren an net gebraucht ginn, fir se ze kontrolléieren.

Dës Weidere verlaangt den SNE/CGFP, dass d'« Cellule de médiation », déi am Artikel 63ter vum modifizéierte Gesetz vum 6. Februar 2009, dat d'Organisatioun vun der Grondschoul betrëfft, virgesinn ass, endlech agesat gëtt.

Dës Cellule huet als Zil, bei Konfliktsituatiounen tëschent engem Enseignant an engem « Directeur de région » z'arbitréieren.

3.9- « Cahier des charges C1 » :

> Den Horaire :

De Moment ass et esou, dass den Enseignant am Cycle 1 zwar wuel e Stonneplang huet wéi an deenen anere Cyclen, hien hei awer nach e bësse méi Flexibilitéit huet fir dësen de Kanner an hire Besoinen unzepassen.

Dëst ass virun allem am Cycle 1 immens wichteg. Momenter fir ze léieren a Momenter fir ze spille mussen ofgewiesselt ginn, deels brauchen d'Kanner Beweegung, deels Rou an Entspanung.

Dem Enseignant d'Méiglechkeet ze ginn, flexibel op all dës Momenter anzegoen ass immens wichteg. Deemno ass den SNE/CGFP der Meenung, dass de Moment wéini Pausen am Dag ageluecht ginn an och hir Dauer, flexibel gehandhaabt musse gi fir de Kanner an hire Besoinë gerecht ze ginn.

Et muss dem Enseignant fräigestallt sinn, wéini a wéi laang hie mat senger Klass an d'Paus geet, dëst hänkt vu ville Facteuren of, déi nëmmen de respektiven Enseignant am beschte kennt.

An deem Kontext ass den SNE/CGFP och dogéint d'Pause kënschtlech ze verlängeren an esou en Upasse vum Horaire vum Cycle 1 un d'Cyclen 2 bis 4 ze erzwéngen.

> Zesummenaarbecht tëschent Schoul a Maison Relais :

Och wann den SNE/CGFP grondsätzlech enger méi enker Zesummenaarbecht tëschent Schoul a Maison Relais positiv géintiwwer steet, wëlle mir awer drop hiweisen, dass dëst och e gewëssene Risiko fir d'Kanner mat sech brénge kann.

Virun allem déi gemeinsam Notzung vun de Raimlechkeeten duerch déi formal an non-formal Bildungsinstanze gëtt vum SNE/CGFP als kritesch ugesinn.

Ofwiesslung a Vilfalt förderen d'Entwécklung vun eise Kanner, an dat gëllt och fir déi raimlech Vilfalt.

Ginn d'Kanner nach genuch stimuléiert, wa si sech de ganzen Dag an deene selwechte Reim befannen a mat dem selwechte Material spillen?

Den SNE/CGFP ass also der Meenung dass béid Strukturen net dierfen zesumme geluecht gi wann d'Raimlechkeeten dat net hierginn.

An och am Fall vu Strukturen, déi nei geschaafe ginn ass dëst e wichtege Punkt, dee mir am Numm vun eise Kanner net dierfen aus den Ae verléieren.

> Sproochen am C1 :

Da sinn d'Sproochen och e ganz wichtegt Thema am Cycle 1, de Moment nach méi ewéi soss.

D’Kanner kommen an de C1 an hire sproochlechen Hannergrond kéint bal net méi villfälteg sinn.

Dëst ass eng Beräicherung fir eis Klassen, stellt awer och fir den Enseignant eng grouss Erausfuerderung duer.

Déi lëtzebuergesch Sprooch steet ëmmer nach am Virdergrond, si ass d’Integratiounssprooch, déi Sprooch, déi d’Kanner all verbënnt.

Da soll säit kuerzem och déi franséisch Sprooch am C1 gefërdert ginn an d’Familljesprooche musse valoriséiert ginn. Dat alles maache mir um Terrain, a mir maachen et gär, wëll mir d’Plus-value gesinn.

Mir stellen awer och fest, dass d’Kanner hir Familljesproochen ëmmer manner gutt beherrschen, an déi Defiziter kënnen net vum Enseignant opgefaange ginn, dee jo déi Sprooch ënner Ëmstänn net beherrscht.

Mir froen eis op net d’Eltere misste méi op d’Wichtegkeet vun der Familjesprooch opmierksam gemaach ginn, dat och am Hibléck op hier Wichtegkeet fir déi schoulesch Entwécklung vum Kand.

D’Eischtsprooch ass d’Basis fir all weider Sprooch déi d’Kanner léieren a fir hir Entwécklung sinn d’Eltere verantwortlech.

Den SNE/CGFP freet sech op an dësem Kontext genuch Sensibilisatioun gemaach gëtt a waart op Propositioune vum MENJE wéi den Elteren do kann ënnert d’Äerm gegraff ginn.

> De Precoce am « Plan d’études » :

Zum Schluss géing ech nach gär op de Precoce agoen.

Hei ass dëst Joer en neie « Plan-carde » ausgeschafft ginn. Schued ass et awer dass de Precoce nach ëmmer keng Plaz am plan d’études huet.

De Precoce gehéiert awer zum éischte Cycle a mir géingen et immens begréisse wann dat sech an deem quasi wichtegsten Dokument wat mir an eise Schoulen hunn, dem « Plan d’études, » och géing ëmspigelen.

4- Konklusioun :

Dir Dammen an Häre vun der Press

Dëst sinn e puer Haaptpunkten aus dem « Cahier des charges » vum SNE/CGFP, déi an allen Deeler vum Land an eise Regionalversammlungen un eis erugedroe gi sinn.

Mir soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet!

BP 2437
L-1024 Luxembourg

tél +352 48 11 18
fax + 352 40 73 56

www.sne.lu
sne@education.lu

siège : 11-13 , rue des Ardennes
L - 1133 Luxembourg -Bonnevoie